



# Parblat

Nr. 3 – 2017

vum 8. Abrëll bis den 28. Mee 2017

## Eis nei Par “Musel a Syr”

Zënter 2015 si mir amgaang, den Iwwergank vun  
eisem Dekanat mat sengen den Ament nach 20  
Paren an eng grouss “Nei Par” ze plangen. Dofir war  
2016 e Begleetgrupp an d’Liewe geruff ginn, fir dëse  
Schrëtt mat ze plangen. Um Weekend vum 2. an 3.

Juli 2016 hu mir an deem Zesummenhang an eise Kierchen eng Ëmfro  
duerchgefériert, un där sech 566 Leit (!) bedeelegt hunn. Als Resultat koum  
do ënnert anerem den Numm an de Patréiner vun där neier Par eraus:

**MUSEL A SYR – HL. JAKOBUS.** Dësen Numm an och d’Patrozinium sinn an  
Tëschenzäit vum Äerzbëschof bestätegt ginn. Mir hunn och den offizielle  
Stempel vun där neier Par entworf an äis en neie Logo zougeluecht – Dir



**Religionsunterricht – wie geht es weiter?**

*Wichtige Informationen in der Mitte dieses Pfarrbriefs!*

**Éducation religieuse – quel avenir ?**

*Informations importantes au milieu de ce bulletin paroissial !*

fannt e vun elo un op dësem Parblat. Merci an deem Zesummenhang dem Här Henri Werner, deem mir de Logo an de Stempel verdanken!

Elo ass den Ament komm, wou dës nei Par Realitéit gëtt. De 6. Mee 2017, um Ufank vun der Oktav, ginn um 23.59 Auer eis aktuell 57 Parverbänn mat hiren 274 Paren ofgeschaft an duerch **33 nei Pare mat nach just 6 Dekanater** (bis elo 14) ersat. Déi nei Pare ginn duerch Dekret vum Äerzbëschof erriicht a gëlle vum **7. Mee 2017** (00.00 Auer) un. An eiser Oktavmass vum 19. Mee kréie mir dat offiziellt Dekret vum Här Äerzbëschof iwwerreecht.

Konkret heescht dat, datt mir vun deem Stéchdag un als nei Par "Musel a Syr" (si entsprécht deem jëtzegen Dekanat "Maacher") fonctionnéieren. Mir gehéieren dann zum **Dekanat "Ost"**, an deem och nach déi nei Paren "Regioun lechternach" (heitegt Dekanat lechternach mam Parverband Lënster), "Musel a Ganer" (heitegt Dekanat Réimech) an "Iewesch Syr" (heiteg Parverbänn Hueschtert-Nidderaanwen-Schëtter a Sandweiler-Syrdall) sinn.

D'Haaptkierch vun eiser neier Par ass d'Kierch vu Gréiwemaacher, wou all Sonndeg d'Houmass gefeiert gëtt. All eis aner Kierche bleiwe bestoen, an och an deene Kierche gëtt reegelméisseg – no engem gewësse Schema – Gottesdéngscht gefeiert, sou wéi et elo jo och de Fall ass – Dir kuckt am beschten an eist Parblat, wou Dir déi néideg Informatiounen doriwwer fannt. All Kierch behält och hire Patréiner (Kiermes), mir kréie just mat dem hl. Jakobus nach en zousätzleche Patréiner fir eis nei Par. Elo scho kënne mir lech soen, datt mir wölles hunn, dat neit Aarbechtsjoer 2017-2018 mat enger Feier zur Éier vum hl. Jakobus **e Sonndeg, de 17. September 2017** an deenen zwou Kierchen aus eiser neier Par, déi dem hl. Jakobus geweit sinn (Mënschecker a Rued-Syr) unzefänken, bei där – St-Jacques oblige! – och e kuerze Pilgerwee virgesinn ass. Mierkt lech deen Datum elo schonns!

Déi grouss "nei Par" werft sécher vill Froen op, si ass awer och eng Chance, datt mir **als kierchlech Gemeinschaft méi zesummewuesse kënnen**. Och organisatoresch gëtt münches an Zukunft méi liicht, well z.B. net méi all Kierch hir eege Regësteren huet, mä alles zentral vum Parsekretariat vu Maacher aus gefouert gëtt.

Fir datt eis nei Par "Musel a Syr" awer **eng lieweg Par** gëtt, si mir – vläicht méi wéi je – op lech all ugewisen. Dofir hei e ganz waarmen an häerzlechen Appel: Sidd bereet, eng Hand an eiser neier Par mat unzepaken, sief et am neie Parrot oder bei der Katechees fir eis Kanner. Merci am Viraus!

*Claude Bache, Dechen*

# Eis Kommiounskanner 2017

## Parverband Maacher

### Berbourg

ANTONY Leely  
CASTRO CUNHA Beatriz (Bech)  
CASTRO RIBEIRO Erica  
DA SILVA GOMES Lucas  
DE CARVALHO JORGE Carolina  
DOS SANTOS REIS Soraia  
SOARES BARBOSA Rafael  
TEXEIRA COUTO Daniel

### Biwer

HOFFMANN Lisa  
O'BRIEN Katie  
PENNING Lynn  
WELTER Lola

### Brouch

FRANÇOIS Anna

### Lellig

FLAMMANG Noah  
NAGUEIRA LEITAO Kiara  
WEYER Charlotte

### Manternach

BLAU Cynthia  
KREMER Pit  
MEHLEN Marie  
SCHOLTES Joly  
ZSCHUPPE Hope

### Wecker

EIMICKE Samira  
PAIVA Luca  
RALINGER Charles

### Grevenmacher

ALMEIDA MARTINS Leandro  
ANTUNES MARTINS Alexandra  
BÄUMER Mark  
BERNARDO Max  
BETTENDORF Laura  
BIWER Ben  
BOST Samuel-Mathias  
CARELLI Corrado  
CARVALHO COLLING Lorenzo  
DA COSTA Yann  
DALEIDEN Noah  
DA SILVA Erika  
DA SILVA Mickaela  
DIAS Kiara  
DIAS MELO Lucas  
DO PACO Felix  
DO SANTOS GOMES CUINO Daniela  
FERREIRA DE CARVALHO Alex  
GLODEN Anne  
GOMES Yela  
HOFFMANN June  
LEONARDO PEREIRA Soraia  
LOPES TAVARES Tatjana  
LUCIUS Sally  
MENDES FERNANDES Lara  
MORAIS BRANQUINHO Sara  
MÜLLER Dean  
OLIVEIRA SANCA David  
PINTO AZEVEDO Jessy  
RODRIGUES BRAS Tiago  
SANTOS Anaïs  
SCHROEDER Luca  
WAGNER Onalee

## Parverband Mäertert-Waasserbëlle

### Mertert

ATTEN Julie  
ATTEN Lance  
DIAS MARTINS Eric  
FERREIRA MARQUES Soraya  
LEAL OLIVEIRA Micaela  
MARQUES Gabriella  
NEYEN Nils  
PAULUS-KOHN Anne  
PEIFFER Yannick  
REUTER Lenny  
RODRIGUES DE ANDRADE Tiago  
THIELEN Joe  
THILL Mick

### Waasserbillig

BARZEN Ben (Nittel)  
BENEKE Mathis  
BRITO DOS SANTOS Tomás  
DAMASO KOHL Noemi (Berbourg)  
DA SILVA OLIVEIRA Vasco  
DE JESUS PEREIRA Francisco  
GONÇALVES LOUREIRO Soraya  
SEMEDO PINA DIAS William  
VIEIRA Luana

### Betzdorf

CHINNOCK Erin

### Berg

GRISIUS Christophe  
NIES Tom  
SCHMIT Alex  
WEBER Hannah

### FLAXWEILER

BOESEN Charly  
HAAS Lily  
LESZCZYK Cyprian  
SCHILTZ Liz  
SCHILTZ Michelle  
SCHILTZ Roby  
SCHILTZ Thierry

### MENSDORF

CANDELARIO Alyssa  
ENGEL Aline  
SCHMIT Ben  
TISSOT Lena  
VIEIRA Yannick

### Niederdonven

DIEFFERDING Alicia  
DUHR Lara  
KLAUSNER Aquetzalli  
RIES Sophie  
WARKEN Julie (Münschecker)

### Roodt-Syr

ATTANASIO Sofia  
BEFFORT NEUMANN Sophie  
COUDOVENT Julie  
COUDOVENT Léni  
HEBELER Sam  
LISKA Tereska  
LITWINKA Zofia  
MEUTSAKENG Maïva  
MORIS DASSI Sean  
NEVES Gil  
SCHLAMMES Geoffrey

### Oberdonven

DEMUTH Emma  
RIBEIRO Ivan

## Parverband Wormer

### Beyren

SANTOS Lara

### Éinen

BELLI Elisa

BELLION Max

ESSER Carry

ESSER Léonie

GEHLEN Solon

HERR Nils

MARQUES SARAIVA Luca

SCHUMACHER Pit

### Gouschteng

LEY Jonah

### Mechtem

DE OLIVEIRA Mafalda

LOPES OLIVEIRA Joana

### Wormer

GLODT Max

MAY Luca

### Wormerberreg

MOTA PINHEIRO André

Wien engem Kommiounskand iwwer déi geweinlech Cadeauen eraus eng Freed maache wëllt, kann dat och maachen duerch en Don u *partage.lu (Briderlech Deelen)* an esou eis "Action humanitaire 2016/2017" énnerstëtzen. Dir fannt weider Informatiounen doriwwer op där Sät hei hennendrun.



*Mir wünschen alle  
Kommiounskanner  
an hire Familljen  
e schéint a frout Fest!*

Elo schonns virmierken:

### **Neie Parrot vun der Par "Musel a Syr"**

En Dënschdeg, den 23. Mee 2017 kënnt de Parrot vun där neier Par "Musel a Syr" um 20.00 Auer am Kaplounshaus zu Maacher eng éischte Kéier zesummen. Jiddereen, deen an deem wichtegen Gremium matdenken, matplangen a matschaffe wëllt, ass häerzlech invitéiert! Flott wier et, wann all eis Dierfer an deem neie Parrot vertruede wieren.

## Action humanitaire 2016/2017: Gemeinsam mit partage.lu (Bridderlech Deelen) für eine nachhaltige kleinbäuerliche Landwirtschaft im Kongo

... um die Mangelernährung zu bekämpfen!



Die lokale Landwirtschaft in der Provinz Kasaï Central im Kongo produziert nicht genug Nahrung, und das sowohl quantitativ als auch qualitativ. Es sind die Kinder, die am meisten unter der daraus folgenden Mangelernährung leiden. Die Coopérative Bidjep Bidjep, Partner von partage.lu (Bridderlech Deelen), fördert die landwirtschaftliche Ausbildung von Jugendlichen und begleitet die Bauern, um die landwirtschaftliche Produktion zu verbessern und dabei die Bodenerhaltung nicht zu vernachlässigen.

Dieses Projekt kann unterstützt werden mit einer Spende auf das Konto CCPL LU74 1111 1261 0097 0000 der Fondation Bridderlech Deelen mit dem Vermerk « Aktioun Dekanat Maacher » - gerne auch im Namen eines Kommunionkindes.

**L'agriculture familiale durable ... pour combattre la malnutrition !**

L'agriculture locale ne produit pas assez de nourriture en termes de quantité et de qualité dans la province du Kasaï Central au Congo. Ce sont les enfants qui sont les plus touchés par la malnutrition qui s'en suit. Pour remédier à cela, la Coopérative Bidjep Bidjep, partenaire de partage.lu (Bridderlech Deelen), propose une formation agricole aux jeunes et un accompagnement des paysans locaux pour une meilleure production agricole et une conservation des sols. Vous pouvez soutenir ce projet en faisant un don sur le compte CCPL LU74 1111 1261 0097 0000 de la Fondation Bridderlech Deelen avec la mention «Aktion Dekanat Maacher» - volontiers aussi au nom d'un enfant de la première communion.



Kathedral Notre-Dame Lëtzebuerg  
**Muttergottesoktav 2017**  
vum 6. bis den 21. Mee

*Avance au large !*

Samschdeg, 6. Mee 2017

16.00 Auer, feierlech Ouverture vun der Oktav mat Konstitutioun vun den neie Paren

Sonndeg, 7. Mee 2017

07.30 Auer, Pélé des Jeunes

10.30 Auer, « Messe du Peuple de Dieu »

**Freideg, 19. Mee 2017 – PILGERDAG VUN EISER NEIER PAR**

09.15 Auer, Prässioun vun der Corniche aus an d’Kathedral

**10.00 Auer, Feierlech Oktavmass fir eis nei Par „Musel a Syr“**

*Am Laf vun där Mass kréie mir d’Dekret iwwerreecht,  
mat deem eis nei Par konstituéiert gouf*

**16.00 Auer, Pontifikalandacht mat Priedegt**

Eis Oktavmass gëtt dëst Joer vun de Choralë vu Mäertert a Waasserbëlleg gesongen. All Sängerinnen a Sänger aus där ganzer neier Par „Musel a Syr“ sinn invitéiert, fir matzesangen. Eng Invitatioun geet an deem Sënn un all eis Choralen.

Mir invitéieren och eis Kanner, besonnesch d’Kommounskanner, fir mat an d’Oktav ze pilgeren.

Sonndeg, 21. Mee 2017

15.00 Auer, Schlussprëssiooun

*Et wär immens flott, wann esou vill **Massendénger** ewéi méiglech aus der neier Par kéinten mat derbäi sinn fir an der Kathedral virum Gnodenaltar ze déngen. Weider Infoen an Umellung bei Ärem Responsabel an der Par oder beim Paschtouer.*

# *Parverband Maacher*

## Beichtgeleeënheeten a Krankekommoun virun Ouschteren

Beicht an der Dekanatskierch èmmer samschdes um 17.00 Auer

Fir d'**Ouschterkommoun oder e perséinlecht Beichtgespréich**

mellt lech am Parsekretariat ☎ 75 00 63-1

oder beim Dechen Claude Bache ☎ 621 16 08 95

## Kommoun zu Berbuerg

(Kanner aus de Gemenge Biwer a Manternach)

### Prouwen an der Kierch

Dënschdeg	18.04.2017	14.30-16.00
Donneschdeg	20.04.2017	14.30-16.00



### Kommounsdag 23.04.2017

09.30: Rendez-Vous fir d'Kanner op der Duerfplatz

09.45: Cortège an d'Kierch

10.00: Kommounsmass

## Kommoun zu Maacher

(Kanner aus der Gemeng Maacher)

### Prouwen an der Kierch

Dënschdeg	02.05.2017	14.30-16.00
Donneschdeg	04.05.2017	14.30-16.00



### Kommounsdag 07.05.2017

09.30: Rendez-Vous fir d'Kanner beim Buer um Prosteneck

09.45: Cortège an d'Kierch

10.00: Kommounsmass

# **Parverband Mäertert-Waasserbëlleg**

## **Kommioun zu Waasserbëlleg**

(Kanner aus der Gemeng Mäertert-Waasserbëlleg)

### **Prouwen an der Kierch**

Dënschdeg	25.04.2017	14.30-16.00
Donneschdeg	27.04.2017	14.30-16.00



### **Kommiounsdag 30.04.2017**

09.30: Rendez-Vous fir d'Kanner um Parking bei der Kierch

09.45: Cortège an d'Kierch

10.00: Kommiounsmass

D'Fraen a Mamme vu Mäertert invitierien op hiren traditionelle

### **Kaffiskräanzchen**

am Centre culturel zu Mäertert

Pällemsonndeg, den 9. Abrëll 2017

Moies: Apéritif – Dessert fir mat heem ze huelen

Vun 12.00 Auer un zervéiere mir lech fir d'Mëttegiessen:

Gromperenzalot mat Wirschtercher

Nomëttes: Kaffisstuff mat Kouch, Toart, Kéichelcher

Owes: Gromperenzalot mat Wirschtercher, Hameschmier

Bistro mat: Schampes, Wäin, Béier, Limonad

Schéin a räichhalteg Tombola - Tombola choc



**Fraen a Mammen – Mäertert**

**CCRA LU31 0090 0000 6216 5386**

**Den Erléis ass fir e gudden Zweck**

# Parverband Wormer

## Virbereedung 1. Kommioun, Prouwen an der Kierch

Mëttwoch	19.04.2017	17.30-18.30h
Donneschdeg	20.04.2017	17.30-18.30h
Freideg	21.04.2017	17.30-19.00h



## 23.04.2017 / 1. Kommiounsdag

09.30: Rendez-Vous fir d'Kanner am Centre Culturel/Wormer

09.45: Gemeinsame Cortège mat alle Leit a Veräiner  
an d'Kierch

10.00: Feierlech Mass



## Massendénger


### Wäiwaasseraktiouon Ouschteren 2017

No der Ouschternuecht zu Wormer, no de Massen op Ouschteren um Berreg, zu Gouschteng an zu Einen an op Ouschterméiseg zu Beyren an Ohn bidden d'Massendénger Iech dat neit Wäiwasser a selwer dekoréierten Fläschen un.

Mat engem klengen Don kënnt dir d'Höllefaktiouon 2016-2017 vum ganzen Dekanat mat „Partage.lu“ (Bridderlech Deelen) fir eng nohalteg klengbäuerlech Landwirtschaft am Kongo énnerstëtzen (**S. 6 an dësem Parblat zur Erënnerung**).

### 1. Kommioun 23.04.2017

D'Massendénger aus dem Parverband,  
déi bei dëser wichteger Feier wëllen  
derbäi sinn, solle mat hirer Tunique um  
9.00 Auer zu Wormer an der Sakristei  
sinn. **Jiddfereen ass wëllkomm.**



# Impressum

## PASTORALEQUIPE DEKANAT MAACHER

<b>Nom</b>	<b>Tél.</b>	<b>E-mail / Adresse</b>
<b>Bache Claude</b> <i>Curé-doyen</i>	75 00 63-30 621 160 895	<a href="mailto:claude.bache@education.lu">claude.bache@education.lu</a>
<b>Diederich Guy</b> <i>Curé</i>	77 01 23 621 350 086	14, rue Principale L-6930 Mensdorf
<b>Emeringer Paul</b> <i>Curé</i>	71 00 05 661 825 533	<a href="mailto:skyliner21@mac.com">skyliner21@mac.com</a>
<b>Mathgen Jos</b> <i>Subsidiaire</i>	26 43 11 67 621 305 768	7, rue de l'Eglise L-6841 Machtum
<b>Steffen Alain</b> <i>Curé</i>	76 00 42	<a href="mailto:porverband.wormer@web.de">porverband.wormer@web.de</a>
<b>Driesler Eberhard</b> <i>Coopérateur past.</i>	661 680 917 0049 163 7848655	<a href="mailto:e.driesler@web.de">e.driesler@web.de</a>
<b>Fuhr Cindy</b> <i>Pastorale biblique</i>	75 00 63-32 0049 171 5286239	<a href="mailto:cindy.fuhr@cathol.lu">cindy.fuhr@cathol.lu</a>
<b>Steil Daniela</b> <i>Past. enf. &amp; jeunes</i>	75 00 63-34 691 785 477	<a href="mailto:daniela.steil@cathol.lu">daniela.steil@cathol.lu</a>
<b>Tombers Monika</b> <i>Pastorale spécialisée</i>	75 00 63-35 0049 151 29901927	<a href="mailto:monika.tombers@cathol.lu">monika.tombers@cathol.lu</a>
<b>Mackel Dani</b> <i>Secrétaire</i>	75 00 63-1	<a href="mailto:maacher@cathol.lu">maacher@cathol.lu</a>

Secrétariat interparoissial et décanal

**« Kaplounshaus Macher »**

Tel: 75 00 63-1

Fax: 75 00 63-40

E-mail: [maacher@cathol.lu](mailto:maacher@cathol.lu)

Homepage: [web.cathol/rubrique44](http://web.cathol/rubrique44)

4, rue de Luxembourg L-6750 GREVENMACHER

Heures de bureau: Lundi à Vendredi de 14h00 à 16h00

# Ostergruß



*Liebe Mitchristen!*

Ostern bricht auf, was dem Leben im Weg steht!

Ostern ist das Fest für all diejenigen, denen dieses eingerichtete Leben nicht genügt. Denen es darin zu eng ist. Die sich nicht abfinden wollen. Die erkennen: Es ist eine Illusion, das Leben im Griff zu haben. Die aufstehen gegen die Resignation und nicht leben wollen ohne Hoffnung. Die nicht ein bisschen Leben wollen, sondern Leben in Fülle.

Ja, Ostern erschüttert. Es ist die heilsame Erschütterung, die all das aufbricht, was dem Leben im Weg steht. Sie kann wehtun und Angst machen, wenn es gilt, Vertrautes loszulassen.

Aber dann hat das Leben freie Bahn. Und die Hoffnung blüht. Und schließlich wächst auch die Freude: Es ist Ostern! Das Leben hat den Tod besiegt. Der Herr ist auferstanden, er ist wahrhaft auferstanden, uns allen voran. Halleluja!

Wir wünschen Ihnen eine besinnliche Karwoche und ein hoffnungsvolles Osterfest!

*Für das Pastoralteam  
Alain Steffen*